



**#iceskates #wanterrallye #brainchallenge #wintervibes**

De Jugendtreff Norden huet eis op e Wanterrallye invitéiert, den vun enger Stagiaire geplangt an duerchgefouert gouf. Ob der Wanderung hu missen Rätsel geléist gi. Och Schockela schmaachen stoung als Rätsel um Programm. Et ass drëms gaangen de Geschmaach ze errodieren. D'Rätsel ware d'Hiweiser déi eis zum Ziel bruecht hu, dëst war de Chrëschtmaart. Dono konnten déi Jonk sech nach ob der Äispist auspoweren a Schlittschong fueren. Eng gelonge Aktivitéit déi vill Spaass gemaach huet, trotz dem schlechten Wieder.



**#chreeschtmaart # #xmas #kebab #winter**

Mir ware zesumme mam Schëtter Jugendhaus um Chrëschtmaart zu Minsbech. D'Schëtter Jugendhaus haten hiren eegene Stand. Hei hun déi Jonk hire Projet Foodtruck presentéiert. Si hu hausgemaachte Kebab verkaaft. Déi Jonk ware ganz engagéiert a begeeschtert um Wierk. Eis Jugendlech hunn de Kebab geschmaacht an hinnen 5 Stärren gi. Leider hunn 4 vun eise Jugendlechen virum Chrëschtmaart misse waarden, well de Covidtest aus der Schoul héi leider net gezielt huet. Mir hunn hinne d'lessen eraus bruecht fir datt si och e bëssen vun der Visitt a vum der Chrëschtambiance konnte profitéiere.



**#2021 #2022 #neijoer #xmas #thankyou**

D'Joer 2021 geet op en Enn. E Joer wat nach emol anescht war wéi all déi Joren vir-drun. A nees si déi Jugendlech bei villem vergiess gi, obwuel si déi déi si am mee-schten ënnert der Situatioun leider, wat mir als Jugendarbechter extrem bedauern. Ee grouse Merci och un d'Gemeng Conter, d'Kommissiounen an Veräiner, der Maison Relais, der Schoul fir déi flott Zesummenaarbecht.

D'Ekipp vum elisabeth Jeunesse wënscht jidderengem schéi Chrëschtdeeg e gudde Rutsch an dat néit Joer 2022 awer virun allem eng gutt Gesondheet a bleift gesond.

Mir gesinn eis 2022!!!

